# Guichet vun der P.T.T.

E Guichet vun der PTT virdrun stét eng Madame.... mat engem gro'sson Kuerf mat Geme'ss.

Hannendrun eng grou'ss Rötsch Leit.

Madame: Pardon Här Beamten vun der Post Telegraph an Telephon Wei muss ech mech uléen vir engem dém sein Dåg ass loo.- ze schecken ?

Beamten: Wöll dir se vlecht an engem charge'erten Bre'f schecken ?

Madame : Ass dåt net zefill gefe'erlech?

Beamten: Wei ???

Madame : Mé de charge'erten Bre'f könnt önnerwé explode'eren.

Beamten: Dir macht de Geck Madame, Hätt der da le'wer e recommande'erte Bre'f.

Madame : Ech kenne mech net aus an de recommandationnen Här Postbeamter ......(d'Leit gin ongedelleg an der Reih.)

Beamten : Fleisst ~~iech~~ Madame ech bie'den iech t'sin vill Client dô dei wården

Madame : Ech hun opp de' gewaard dei virunn mir waren.

Beamten: Da probe'ert de ' telegraphesch Postanweisung.

Madame : Ma die dô ass awer gudd, ech soll se op den Postdrôt hänken vir dass't Spatzen se önnerwé nach friessen.

Beamten: Wåt komesch Witzen. Iwerweist ~~mer~~ de Postscheck mais dofir muss én Provision~~en~~ hun.

Mddame : Ma do falt der grad richteg ech kommen grad vum Maart. Ech hun 3 Inten, Kabes, Muerten a Poretten am Kuerf.

Beamten: Oooojéé, tommelt ~~ech~~ föllt mer t'Kaard aus.

Madame : Ech soll se ausföllen, ma sie ass dach scho voll. Et ass alles voller ~~imprimüren~~ (imprimüren)

Beamten: Grad ~~um~~ un den Ufank vun dénen imprimüren wei.dir sôt an impriméen wei mir soen schreiwt der wann ech geliffst d'adresse vum destinataire.

Madame! vum dessinateur ?

Beamten: Néén vum destinataire, dat ass dei' Perso'en dér dir loo.- wollt schecken.

Madame : A sou..., daat ass meng Kousin, eng sche'en jonk a gudd Perso'en.

Beamten: Op waat ward dir nach, schreiwt d'adresse vun erer Kusin.

Madame : Heihin ??

Beamten: Néén, Dohin;;;;

Madame : Duer, oder duer.??

Beamten: Mais doooo.

Mddame : Et ass dåt elei, echkann net gudd schreiwen Här PTT. Wöllt der net meng Hand hålen.

Beamten: Soss nach eppes Madame.

## 2 Seit vum Guichet vun der PTT

Madame : Dajé alt ech wöll probe'eren.

Beamten: Tommelt iech dach.

Madame : Jo Här PTT, Mademoiselle Rosalie Baron etc.

Beamten: Ma secher huelt t'Sâch matt Schwonck.

Madame : Etc. etc.. Ma....de....moi....moi....

Beamten: selle, hutt der et geschriwwen ?

Madame : Mademoiselle...etc....etc...

Beamten: Ass et iech nett gudd Madame.?

Madame : Dach....dach...ech...e...Rosalie...etc.etc...

Beamten: Dât do ass penibel.

Madame : Baron....B..a..ba..ron..ron..ron..

Beamten: Gidd der ferdeg mat érem ron, ron, ron ???? Daaajéé.

Madame: Meng Kusin, komma, Strôss......
(vun dér ~~mier~~ verlangerter Préfektur

En aus
der Rutsch: Ass et bâl ferdeg dât gedecht Marjän
(höllt hier de Kuerf eweg.)

Madame : Gidd dir mer meng Inten eröm ass dat eng Art a Weiss.

Beamten: Ass et nach vir haut oder ass et vir mâr ??

Madame : Lauschtert Häär XXXXX PTT. Wäll jô d'Stross vun der verlängerter Prefektur nömmen 2 Schrött vun hei ass a vir och wirklech secher ze sin dass meng loo Frang ukommen , dann droen ech him se persen'lech bei Hand.

Eddi Här PTT.

RIDEAU.